ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21. Juni 2021

Här President,

esou wéi den Artikel 84 vum Chamberreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Virun e puer Deeg huet e Responsabele vun der Impfstoffstrategie vun der Agence européenne des médicaments (EMA) an engem Interview mat der italienescher Dageszeitung *La Stampa* gesot, et wier virzezéien, de Covid19-Impfstoff vun AstraZeneca, respektiv Vaxzevira, fir all Altersklassen ze stoppen, wann Alternativen disponibel sinn. De Marco Cavaleri, Responsabele vun der Impfstoffstrategie vun der EMA huet och matgedeelt, datt den Impfstoff vun Johnson&Johnson sollt virzuchsweis fir Leit iwwer 60 Joer benotzt ginn.

An deem Kontext wéilt ech der Madamm Gesondheetsminister gär folgend Froe stellen:

1. Ass d'Regierung a Kenntnes vun dëse rezente Recommandatioune vun der EMA? Wéi steet d'Regierung dozou?
2. Gëtt no dësen neie Recommandatioune vu Säite vun der EMA och zu Lëtzebuerg driwwer nogeduecht, den AstraZeneca ze stoppen, onofhängeg vun der Altersklass? Wann nee, firwat net?
3. Änneren dës Recommandatioune vun der EMA eppes dorunner, wéi den Impfstoff vun Johnson&Johnson zu Lëtzebuerg agesat gëtt? Wa jo, wéi genau? Wann nee, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten